N°3568
Entrée le 02.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3568 vum 30. Januar 2026 vum Här Deputéierte Michel Lemaire.**

Den honorabelen Deputéierte freet am Kader vu senger parlamentarescher Fro ob wéi enge Staatsstroosse respektiv Gemengestroossen d'Situatioun besteet, dass Bussen sech kräizen, obwuel d'Plaz limitéiert ass, wéi eng baulech respektiv organisatoresch Moossnamen an der Rue de Michelbouch zu Mäerzeg virgesi sinn, fir d'Situatioun ze verbesseren, an a wéi engem Delai dës sollen ëmgesat ginn.

Fro 1: Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi erfaasst, ob wéi enge weidere Staatsstroossen a, falls déi Donnéeë verfügbar sinn, Gemengestroossen d'Situatioun besteet, datt Bussen aus dem Beräich vum ëffentlechen Transport sech kräizen, obwuel d'Begebenheeten op der Plaz dat net hierginn?

Am ganze Land kënnt et vir, dass Bussen sech kräizen, esouwuel op Staats- wéi och op Gemengestroossen. Dat ass allerdéngs keng Situatioun, déi exklusiv op de Beräich vum ëffentlechen Transport limitéiert ass. Och aner Gefierer, wéi landwirtschaftlech Maschinnen, Camionen oder aner breet Gefierer, stousse reegelméisseg op Passagen, wou d'Kräize vun zwee méi breede Gefierer eng erhéicht Opmierksamkeet verlaangt.

Am Stroosseverkéier gëllt generell de Prinzip, dass all Automobilist·in hier Fuerweis un déi konkret Charakteristiken op der Plaz upasse muss. Dat ëmfaasst eng defensiv Fuerweis, eng ugepasste Vitess souwéi d'Bereetschaft, falls néideg, ze waarden oder stoen ze bleiwen.

Eng systematesch Tabell am Sënn vun enger landeswäiter Oplëschtung vu sämtleche Plazen, wou Kräizungssituatioune mat méi breede Gefierer eng besonnesch Opmierksamkeet erfuerderen, gëtt et an där Form net, well et sech dobäi net ëm eenzel aussergewéinlech Situatiounen handelt, mee ëm eng allgemeng Charakteristik vum Stroossennetz, wéi et sech iwwer d'Joren entwéckelt huet.

Fro 2: Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi eng baulech Moossnamen, respektiv entspriechend Ännerunge vun de Fuerpläng virgesi sinn, fir déi Situatioun fir d'Chauffere souwéi d'Awunner ze entschäerfen, a preziséieren, a wéi engem Delai se sollen ëmgesat ginn?

Wéi och schonn an der Äntwert op déi éischt Fro duergeluecht, ass dës Situatioun net exklusiv op de Beräich vum ëffentlechen Transport limitéiert an deemno och d'Fro zu Ännerungen am Fuerplang net pertinent. Dëst gesot, falls eng Gemeng den Tracé vun enger RGTR- (oder TICE-) Linn wëll upassen, kann dës eng argumentéiert Demande beim Ministère maachen. An dem Kontext gëtt dann enk mat de Gemengen zesummegeschafft, fir déi Beschtméiglech Léisung zeréckzebehalen.

Baulech Moossnamen op Staatsstroosse ginn aus verschiddene Grënn ëmgesat, dorënner den Ënnerhalt, d'Verbesserung vun der Verkéierssécherheet an d'Upassung vun den Infrastrukturen un d'Besoine vun allen Notzer·innen. Am Kader vu gréissere Stroossenaarbechten op Staatsstroosse gëtt deemno systematesch gekuckt, ob a wéi déi allgemeng Verkéierssécherheet verbessert ka ginn.

Dobäi gëtt sech ënnert anerem op d'Recommandatioune vun der däitscher "Forschungsgesellschaft für Straßen- und Verkehrswesen (FGSV)" souwéi op déi ministeriell Riichtlinnen "Apaisement de la circulation" vun 2023 bezunn, déi och konkret Recommandatiounen fir d'Dimensioune vun de Stroossen virgesinn.

An Zesummenaarbecht mat de Gemengen an op Basis vun techneschen Analyse gëtt evaluéiert, ob, wou an a wéi enger Form eng baulech Moossnam sënnvoll, noutwendeg a technesch machbar ass.

Grondsätzlech soll – punktuell Verkéiersberouegungsmesuren ausgeholl – op Stroossen, déi vu Busse befuer ginn, garantéiert sinn, dass zwee Busser sech ouni Problemer kënne kräizen. Dobäi ass ze berécksiichtegen, dass d'Parken oder d'Hale vu Gefierer laanscht d'Stroossen, dat iwwer Gemengereglementer gereegelt gëtt, déi effektiv disponibel Breet vun der Fuerbunn beaflossen.

Onofhängeg dovunner ass ze ënnersträichen, dass d'Verkéierssécherheet net eleng duerch infrastrukturell Moossname garantéiert ka ginn, mee och vum géigesäitege Respekt ënnert de Stroossenotzer·innen ofhänkt. Egal ob Foussgänger·in, Cyclist·in, Bus-, Camions- oder Autoschauffer·in, jiddwereen ass gefuerdert, säi Verhalen un d'Situatioun unzepassen an op déi aner Récksiicht ze huelen.

Wat déi konkret Situatioun an der Rue de Michelbouch zu Mäerzeg ugeet, ass festzehalen, dass den Amenagement vun den Trottoiren am Kader vun enger Verkéiersberouegung duerch d'Gemeng geschitt ass, ouni d'Breet vun der Fuerbunn ze änneren. Zousätzlech goufen héich Bordure gesat, déi verhënnere sollen, dass Gefierer op den Trottoir fueren.

Wat d'Situatioun zu Esch an der Victor Hugo Strooss ugeet, déi an der parlamentarescher Fro ernimmt gëtt, ass drop hinzeweisen, dass et sech dobäi ëm eng Gemengestrooss handelt, déi deemno net am Kompetenzberäich vum Staat läit.

Lëtzebuerg, den 2. März 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes